PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/09/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mëttelstand, Wirtschaft & Famill an Integratioun weiderzeleeden.**

Duerch den Tripartiesaccord 3.0 gëtt d'Indextranche, déi nach virun Enn dës Joers soll falen, dem Patronat duerch d'Mutualité des employeurs kompenséiert. D'Patrone kréien also bis den 31.01.2024 d'Indextranche iwwert d'Reduktioun vun der Cotisatioun erëm.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Huet d'Regierung mat dem Patronat iwwert d'Erhéijung vun de Präisser geschwat? Wäert d'Patronat vun enger Erhéijung ofgesinn esou laang d'Kompensatioun leeft?
2. Wéi gesäit et mat den Altersheemer aus wou d'Regierung no festgehalen hat, dass d'Präisser bis op Weideres net duerch erhéichten Energiepräisser klammen dierfen?
3. Mussen d'Firmen op d'Rechnungen dobäi schreiwe wann se hir Präisser duerch déi kompenséiert Index-tranche héijen? Kann de Client géint esou eng Erhéijung reklaméieren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten